

Käerjeng, de 25. Oktober 2019

déi gréng Käerjeng kënnegen e Remaniement vun hire Mandatairen am Gemengerot un

De Gemengerot **Marc Hansen** huet aus perséinleche Grënn aus dem Gemengerot demissionéiert. Hien ass virun 11 Méint als Deputéierten an der Chamber vereedegt ginn an huet besonnesch an deene leschte Méint misse feststellen, dass d'Dräifachbelaaschtung Deputéierten, Gemengerot an onofhängegen Apdikter schwierig mateneen ze verbannen ass. Mat sengem Schrëtt soll an Zukunft méi Zäit fir seng Aarbecht an der Chamber a fir seng Famill erméiglecht ginn.

De Marc Hansen gëtt ersat duerch déi nächst gewielte Persoun op der Lëscht vun déi gréng. **D'Antoinette Beck-Stiefer**, 63 Joer al, huet an hirem fréiere Berufsliewe laang Jore bei enger Entreprise geschafft, déi am Ëmweltberäich tätég ass. Si ass laangjäreg Presidentin vun der Kulturkommissioun, där och d'Organisatioun vun den Owescourse vun der Gemeng Käerjeng ënnerläit, Presidentin vun der Jugend- an Drëttalterskommissioun, Member vun der Kommissioun fir de sozialen Zesummenhalt a Member vum Fairtradegrupp vun der Gemeng Käerjeng. Matt hir wäerten déi gréng elo mat zwou staarke Fraen am Gemengerot vertrauede sinn: eng gréng Schäffin, d'Josée-Anne Siebenaler-Thill an d'Antoinette Beck-Stiefer als nei gréng Gemengeréitin.

Den austriedende Gemengerot **Marc Hansen** erklärt:

„Ech wëll all de Mënschen an der Gemeng Käerjeng Merci soe fir hir grouss Ënnerstëtzung, déi si an deene leschte Joren déi gréng an hirer Politik entgéintbruecht hunn. Mat Begeeschterung, hunn ech mech déi lëscht 8 Joer kënnen am Käerjenger Gemengerot engagéieren. Et war mir eng Eier, zum Beieneebränge vun de Bierger vun den ale Gemengen Bascharage a Kéinzig an domat zu enger gutt funktionéierender Fusiounsgemeng bäidroen ze kënnen. Als Member vum Klimateam a laangjäreg Presidentin vun der Ëmwelt- an der Verkéierskommissioun hunn ech mech ëmmer fir eng méi nohalteg Gemeng Käerjeng a besonnesch d'Ëmsetzung vum Klimapakt engagéiert. Dësen Engagement féieren ech als Deputéierten och weider. Ech sinn iwweezeegt datt d'Antoinette Beck-Stiefer eng staark gréng Stëmm fir eng nohalteg Entwécklung vun eiser Gemeng wäert sinn.“

Antriedend Gemengeréitin **Antoinette Beck-Stiefer** freet sech op déi nei Erausforderung:

“An de Gemengerot erakommen ass fir mech eng Eier, eng Verantwortung an eng Erausforderung. Ech freeën mech drop, dës Erausforderung unzegoen a mech an den Déngscht vun der Gemeng ze stellen. Mir hunn no de Gemengewahlen en staarken an zukunftsorientéierte gemeinsame Projet fir eis Gemeng formuléiert. Als gréng Gemengeréitin wëll ech mathëllefen, dësen ëmzesetzen. An ech wäert mech weiderhin engagéiere fir de sozialen Zesummenhalt vun eise Biergerinnen a Bierger, nohalteg Entwécklung, douce Mobilitéit an fir d'kulturellt Liewen an eiser Gemeng.“

Josée-Anne Siebenaler-Thill,
Presidentin vun der Sektoun déi gréng Käerjeng

Kontakter: Hansen Marc: 621 51 67 79

Antoinette-Beck-Stiefer: 691 50 21 05